Prisong ze féieren - an ech félicitéieren den Här Bodry, dass hien d'Initiativ geholl huet, fir och eng Interpellatioun zu deem Sujet hei unzefroen -, mä endlech och eng Offensiv ze starten, fir déi grave Problemer, déi sech am Prisong stellen an zënter Joren a Jorzéngten déi selwecht sinn, unzegoen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mme Wagener, ech wollt Iech just drop opmierksam maachen, dass am Reglement 5 Minutte virgesi sinn, plus d'Question complémentaire, an elo si mer op 11 Minutten. Vu datt ech nëmmen Interimspresident sinn an den Här Spautz ëmmer large war, hunn ech dat elo esou goe gelooss. Ech muss awer soen, dass Der Chance hutt, dass ech et net ëmmer sinn, soss wier ech e bëssche méi strikt!

D'Mme Hennicot freet d'Wuert.

4. Dépôt de deux projets de loi

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.-* Här President, ech sinn autoriséiert, fir de

- projet de loi 4635 concernant le régime des marchés publics de travaux, de fournitures et de services

ze déposéieren.

M. le Président.- Den Här Biltgen freet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Här President, ech sinn autoriséiert, fir de

- projet de loi 4636 portant approbation des Conventions Internationales du Travail n° 111, 142, 150, 151, 155, 158, 159, 175 et 182

ze déposéieren.

M. le Président - D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun deenen zwee Projets de loi a gëtt se weider un déi zoustänneg Kommissiounen.

Den Här Minister Luc Frieden huet d'Wuert.

5. Question 2 avec débat *(Suite)*

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Här President, ech géif versichen, innerhalb vun där Zäit, déi d'Reglement virgesäit, der Mme Wagener op hir Fro ze äntweren.

Déi Fro, wann ech versichen, se ze regroupéieren, huet zwee Voleten. Dat eent ass d'Legalitéit vun där Décisioun, déi Leit, déi mat falsche Pabeieren zu Lëtzebuerg interpelléiert ginn, op Schraasseg ze setzen. Den zweete Volet vun der Fro ass ze kucken, ob dat déi ideal Plaz ass.

Wat d'Legalitéit ubelaangt, wëll ech d'Chamber drop hiweisen, dass d'Gesetz vun 1972 - dat ass also kee Gesetz vu mir - virgesinn huet, dass, wann een eng Mesure de refoulement oder d'expulsion net kann exekutéieren, déi Leit dann an en "établissement à ce désigné" kënne gesat ginn. Am Gesetz vun 1993 - och kee Gesetz vu mir - ass dat anescht genannt ginn, mä mam selwechte Kontext: "établissement approprié".

D'Gesetz gesäit net vir, wat deen Etablissement approprié ass. Et gëtt doriwwer eng ganz Rei Zitater; d'Mme Wagener huet der e puer genannt. Et gëtt och e ganze Koup anerer. Ech stelle just fest, dass et also legal ass - well dat den éischte Volet vun der Fro war -, wann d'Regierung oder de Justizminister décidéiert, innerhalb vun deene Konditiounen, déi d'Gesetz virgesäit, eng Persoun op Schraasseg oder op eng aner Plaz ze setzen, wann, wéi gesot, déi Konditiounen erfëllt sinn.

Ech wëll och soen, dass den Tribunal administratif der Meenung war, an enger ganzer Rei vu Jurisprudenzen, dass, wann eng Persoun mat falsche Pabeieren - ech ënnersträichen, mat falsche Pabeieren! - vun der Police interceptéiert gëtt, well dann e reelle Risque de fuite besteet, dann eng zouen Anstalt wéi déi vu Schraasseg eng richteg Plaz kéint sinn. Dat, wat d'Legalitéit ubelaangt.

Den zweete Volet vun der Fro ass déi, ob et déi ideal Plaz ass. Do ass d'Äntwert ganz kloer Neen. Mä et muss ee kucken, mat wéi enge Problemer mer hei konfrontéiert sinn. Dat si ganz oft Leit, déi um Flughafen zum Beispill erakommen. Mer haten op Chrëschtdag selwer e Somalier, deen erakomm ass mat engem gefälschtenen hollännesche Pass. D'Décisioun huet du misse geholl ginn, am Ministère de la Justice, ob mer dee Mann sollte weidergoe loossen oder ob mer e missten asetzen. Och do hu mer no Alternative gekuckt, grad sou wéi all déi Justizministeren zënter 1972 bis haut, an déi waren net alleguer a menger Partei: 1972 war et e liberale Minister, duerno koume sozialistesch Ministeren, du koume chrëschtlech-sozial Ministeren, a se hunn alleguer dee Saz do ugewannt.

Ech wëll dat hei eng Kéier soen, well et grad an de Kontext hei passt, fir grad mir ze ënnerstellen, dee Béisen ze sinn, deen d'Leit alleguer wëllt op Schraasseg setzen. Hei ass keng Systematik derhannert, mä e praktesche Problem.

Wann d'Police een interpelléiert, dee falsch Pabeiere bei sech huet - well dat ass meeschtens de Fall, ëm deen et hei geet -, da muss en op eng Plaz gesat ginn, ier een e kann an dat Land schécken, wou e kann higoen. Dat geet net automatesch, well d'Police oder déi zoustänneg Servicer mussen iergendwou uruffen, fir ze froen: Wou kënne mer deen dann hischécken? En attendant ass gekuckt ginn, ob een déi Zellen oder Zëmmere ka benotzen, déi d'Police zu deenen Effeten huet. Dunn ass fonnt ginn, datt dat net déi richteg Plaz wär, och well do eng Schwieregkeet ëmmer besteet, well déi Zellen oft nëmme fir kuerz Dauere gebaut sinn. Do gëtt et Problemer fir d'Leit, wat d'Iessen ubelaangt, wat d'Fënstere betrëfft, a sou weider.

Zweetens ass gekuckt ginn, ob een dat kéint um Flughafe maachen. Do bestinn zwou Zellen, mä och do ass fonnt ginn, dass dat net déi beschte Plaz wär, well éischtens séitzen déi Leit do ganz eleng, an och do besteet eng Schwieregkeet, fir sech permanent ëm déi Leit ze bekëmmeren.

Et ass och envisagéiert ginn, dat an Hotellen ze maachen. Do stellt sech e reelle Problem - an dat ass och heiansdo gemaach ginn -: D'Leit sinn zur Fënster déi